

	47^e séance	Présidence
	Mercredi 2 mai 2001	M. Jean Spautz , Président M. Willy Bourg , Vice-Président

Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de M. Nicolas Kremer, membre de l'Assemblée consultative de 1945, membre de la Chambre des Députés de 1945 à 1948
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. Communications
4. Ordre du jour
5. Interpellation de M. Ben Fayot sur la constitution d'un corps civil luxembourgeois pour la gestion civile des crises et l'aide humanitaire (*Discussion générale - Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Charles Goerens, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Hommage à la mémoire de M. Nicolas Kremer, membre de l'Assemblée consultative de 1945, membre de la Chambre des Députés de 1945 à 1948

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Den 2. Abrëll huet eis d'Noricht erreecht, datt de fréieren Deputéierten Néckel Kremer eis am Alter vu 84 Joer fir ëmmer verlooss huet.

Den Néckel Kremer huet enger Generatioun ugehéiert, déi schonn a fréierster Jugend um eegene Kierper erfuer huet, wat et heescht ënnert der Fuchtel vun engem gewësselose Machtapparat ze liewen, dee Wäerter wéi Demokratie a Rechtsstaatlechkeet bei all Geleeënheet mat Féiss getréppelt huet.

D'Resistenz war deemools fir hien deen eenzege Wee, fir seng Gesënnung anzetrieden a säin onermiddlechen Asaz géint den Okkupant sollt et him am Joer 1945 erlaben, an der Assemblée constituante net méi géint e Feind, mä fir seng Idealer vu Fräiheet a Mënschlechkeet ze kämpfen.

Als iwwerzeegten Demokrat huet e sech fréi dem Groupement patriotique et démocratique, dem Virleefer vun der Demokratescher Partei, ugeschloss a sech fir den Opbau vum Land verdéngt gemaach. Hie war nach vun 1945 bis 1948 als Deputéierten hei am Haus.

Den Néckel Kremer huet awer och erkannt, dat et net duergeet sech géint Ennerdréckung an Ongerechtegkeet anzesetzen, fir duerno an der Fräiheet eppes Selbstverständlechtes ze gesinn. An enger ganzer Rei vu Wierker hannerléisst hien der Nowelt de Message, datt de Fridden nëmmen enger permanenter Auseenersetzung ze verdanken ass.

Senger Familljen a senge politesche Frënn géllt haut eist häerzlecht Bäileed. Loosst mer am Stëllen un de Verstuerwenen denken an him eise Respekt erweisen.

(*Minute de silence*)

Ech soen lech merci.

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt eng - *Proposition de loi 4792 portant création de l'Agence luxembourgeoise de Sécurité alimentaire (ALSA)*

op den Dësch vum Haus déposéieren. Mir wäerte jo nach Geleeënheet kréien doriwwer ze diskutéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi vum Kolleeg Ben Fayot. Si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

3. Communications

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1. D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau déposéiert ginn.
2. Et si folgend Dépôts an der Chamber gemaach ginn: